

# En neimoudescht Wantermäerchen

Deen Ale stoung dacks douewen op séngem „Heedbiërg“ an huet rof an d'Gruecht gestuurkt. Alt well mueres fréi, wann d'Sonn raus war, mä d'Gruecht nach am Niwwel stouch. Gesinn huet een dann näischt doënnen, mä ëmsou besser gehéiert.

Deen Alen as heiwewen um „Heedbiërg“ opgewuess, d'Häip steet well e gutt Jorhonnert, an d'Leit soë fir d'Häip „a Klatzkapps“. Dat war well bei séngem Grousspapp sou, an 't as och no deem heiwewe keen aus der Rass geschlon.

„De Klatzkapp douewen“, sou son och haut nach d'Geometeren, d'Leit aus der Regierung, de Buurgermeeschter, an seguer déi Areler Kreemcheskréimer, déi him d'Häip am léifsten ausraume wëllten.

„T bleift alles hei, an 't bleift alles wéi et as!“ Dat huet hie well méi wéi eng Kéier téscht sénge giele Päifenzänn gemuel, an da war et him, as géing d'Häip selwer aus allen Ecke pësperen, „hal deenen de Bass“.

Och den Dännebësch hannert der Häip steet do wéi eng klatzkäppesch Mauer, wann se nees kommen a blären: „Pak hei an, mir brauchen den «Heedbiërg!»“

Mä doënnen an der Gruecht . . . D'Kéi si vun der Weed verschwonnen, di dräi al Päerd och. D'Autoë schéissen iwert deen neie Makadamsteppech, an nuets, wann ënneschte Wand as, da läit hien am Bett a kritt kee A zou. Da päift de Gummi bis rop an d'Kummer. Sou wéi mueres, wann den Niwwel op der Gruecht läit. 'T si Stëmmen am Gummi: de Geometren hir, dem Buurgermeeschter séng. Dann halen d'Dännen den Otem un.

Spiren s'epes, wat hie bis lo nët wollt spiren? E puer vun den Dännen falen zanter Méint d'Hoër aus, an 't as him, wéi wann se gepéngcht op dat kucken, wat zu hire Féisse geschitt: Déi jonk Beemercher wuessen a wuessen nët. Se hun einfach opgehalen.

Heinsdo léisst deen Alen e jonken Dän-

nenarm durch séng véiereckeg Fangere gon a weess, wat en an der Hand huet, wann en s'opmécht: Nolen. All Mount méi. E kritt well Angscht, fir di Kleng ze stréilen.

„Déi wëllt mol kee méi fir Krëschtbeemerchen!“ Hie weess nët genee, wat lass as, mä 't hummert a päift him an den Ouren: Mir kréien iech kleng!

De muere war hie mam Bus an d'Stad. Um Maart louchen d'Krëschtbeemercher zu Honnerten um Koup, an en huet matkritt, wéi sou e jonke Virkefer de Leiden durch de Mikro sot, se dierften séng Beemercher roueg kafen, déi kéimen aus dem Ausland a wiren alleguarde kãrgesond.

Mä du as e Meedche bei dee mam Mikro gaangen a sot, hie soll sech schummen, fir sou Geschäfte ze man, well iwverall léich de Bësch um Stierwen. De Borscht huet et op d'Sait gedréckt an as virugefuer. An d'Leit hun séng Beemercher kaaft, mä – dat huet deen Ale gesinn – se hun all wéi verschotert ëm sech gekuckt, op kee Kënnegen dorëmmer stéing, deen se geséich. An da sin se séier mam Beemchen d'Trap rof am Parking ënnert dem Maart verschwonn.

'T war schwäikal, deem Alen huet d'Nues gedrép. An déi honnert Beemercher hu gepësper: „Weess de well, wat lass as?“

Am Supermarché war nach méi eng Hällewull, dat huet ee schon aus dem Bus raus gesinn. Se kënnen de Parking nach dräimol ausbauen, en as éiweg ze kleng.

Och hei, ier een iwverhaapt konnt raogën, stoung sou e jonke Kãrel an hat och e Mikro am Grapp. Och hei louch e Koup Beemercher, an driwwer huet e Schëld gebompelt: „Ökodännen“. Dee mam Mikro sot, 't wir alles perfekt, d'Fassong, d'Faarf, seguer de Geroch, an se géife garantéiert keng Nole verléieren. A besonnesch: den Celluloplast, aus deem d'Beemercher wiren, hätt näischt Gëfteges un sech. 'T kënn e seguer richtig Kãerzen drop ufãnken. „Mir schounen de Bësch“, sot en ëmmer nees der-tëscht, an d'Leit sollte mathëllefen, de Bësch ze schounen.

Vun der Supermarchéfassad rof kouw du Krëschtmusek. D'Leit hun d'Kãpp gedréit an d'Kanner hu Kreesch gedon: „De Krëschtmännchen!“

Deen Alen duecht, de „Kleeschen“, mä d'Kanner hate recht, dat war kee Kleesche vu fréier, mä e feirrouden, vill ze jonken. „E Krëschtmännchen!“, huet deen Ale geknat.

De Krëschtmännche goug bei de Mann mat den Ökodännen an huet him – dat sot en haart durch deem säi Mikro – dee fonkneie grëngen Öko-Verdëngschtuerden un d'Liederjackett gespëngelt. A wéi den „O Tannenbaum“ vun der Supermarchéfassad rofkouw, hun d'Leit an d'Hänn geklappt a matgesongen. An d'Ökobeemercher si gaange wéi Zocker.

Deen Ale goug nët méi bis an. 'T war fënnef vir zwielef. Em zwielef fiert säi Bus op den „Heedbiërg“.



josy braun